

Gemeng Rammerich

Gemengerotssëtzung vum 1. Juni 2022

Dagesuerdnung:

- 1.) Deliberatioun iwwer d'Andreiwe vun oppene Rechnungen aus dem Joer 2021.
- 2.) Geneemegung vum Akraaftsetze vum Programm eea – European Energy Award (Klimapakt 2.0) fir d'Period vun 2021 bis 2030.
- 3.) Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hiblëck op eng Bebauung.
- 4.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum PAP betreffend Terrainen zu WOLWEN an der Rue de l'Église.
- 5.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum PAP betreffend Terrainen zu WOLWEN an der Haaptstrooss.
- 6.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun de Konte vum Gemengereceveur vun 2020.
- 7.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun de Konte vum Schäfferot vun 2020.
- 8.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun der provisorescher Schoulorganisatioun fir de Grondschul-Unterrecht an der Gemeng Rammerich fir d'Schouljoer 2022-2023, abegraff de PEP (plan d'encadrement périscolaire) an de PDS (plan de développement scolaire).
- 9.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun den allgemengen a vun de spezielle Konditiounen betreffend d'Juegdpacht an der "Forêt domaniale" an de Lousen "Chenel" a "Rulles Est" fir d'Juegdjoere vun 2022/2023 bis 2031/2032.
- 10.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun zwee notariellen Akten.
- 11.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun engem Zousaz zu der Konventioun SEA (service d'éducation et d'accueil) fir d'Joer 2021.
- 12.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun der Tripartite-Konventioun SEA fir 2022.
- 13.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun enger Konventioun iwwer d'deelweis Bereetstellung vun engem Terrain.
- 14.) Deliberatioun iwwer d'Ufro fir e Spezialkredit am extraordinäre Budget fir d'Ariichte vun enger Barrière beim Busarrêt op der Roumicht
- 15.) Deliberatioun iwwer d'Ufro vun engem Zousazkredit am ordinäre Budget fir de Remboursement un de Staat vun de Paie vun de Bëschaarbechter.

- 16.) Revisioun vun der Deliberatioun iwver d'Ufro vun engem Spezialkredit am extraordinäre Budget wéinst de gréissere Reparaturen un der Schoulschwämm.
- 17.) Deliberatioun iwver d'Confirmatioun vu verschidde dréngenden an zäitlech begrenzte Verkéiersreglementer.
- 18.) Äntwerten op d'Froen un de Schäfferot.
- 19.) Deliberatioun iwver d'Geneemegung vu Recettenerklärungen.
- 20.) NET ÉFFENTLECH SÄTZUNG: Deliberatioun iwver d'Propositoun fir d'Reaffectatioun vu Kandidat(inn)en op d'Poste vu Léierpersonal am Grondschulunterricht, déi op der éischer Lëscht vum Unterrichtsministär vakant erkläert gi sinn.

Un der Sëtzung huelen deel:

Buergermeeschter- a Schäfferot: Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV), Myriam Binck (Schäffin, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV)

Gemengerot: Michelle Brickler (DP), Sascha Hengen (LSAP), Sonja Kettmann (CSV), Frank Melchior (CSV), Myriam Picard (LSAP), Pierre Pletschette (CSV), Romain Rausch (DP), Patrick Schuller (LSAP).

Entschëllegt:

Gemengesekretär: Marc Pletgen, Redakter: Conny Wantz

Rapport vun der Sëtzung:

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) deelt mat, datt op Ufro vun der LSAP-Fraktioun e Punkt op der Dagesuerdnung derbäi kënnt, an zwar als Punkt 18 iwver d'Ariichte vun enger ëffentlecher Toilette bei der Spillplaz um Terrain vun der Grondschul zu Kietscht. Domat sinn all Conseilleren averstane.

1 Deliberatioun iwver d'Andreiwe vun oppene Rechnungen aus dem Joer 2021.

De Gemengereceveur Paul Melsen leet dem Gemengerot d'Opstellung vun den oppene Rechnungen aus dem Joer 2021 vir. Hei ass e Montant vun 190.920,15 € vun net bezuelte Rechnungen opgefouert. Dovun freet hien Decharge fir 56,93 €, sou datt nach 190.977,08 € anzedreiwten bleiwen. Hei informéiere sich d'Conseillère Myriam Picard (LSAP) an de Schäffe Mike Bolmer (CSV) iwver d'Grondsteuer resp. iwver eng oppe Rechnung, woubäi e groussen Deel vun den Aussestänn op eng Neiberechnung vun der Grondsteuer an enger méi héijer Taxerechnung am lëschte Quartal zréckzeféieren ass.

Dës Zuele ginn eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl.

2 Geneemegung vum Akraaftsetze vum Programm eea – European Energy Award (Klimapakt 2.0) fir d'Period vun 2021 bis 2030.

Bei der Virstellung vum Klimapakt 2.0 informéiert de Paul Majerus, technische Gemengeningénieur, de Gemengerot, wat am Klimapakt 1.0 an der Gemeng investéiert ginn ass, wéi vill Energie agespuert ginn ass a wéi d'Klimapunkte verdeelt gi sinn, no deenen d'Subside bezuelt ginn, déi dann nees an Ëmweltschutz-Moosnamen investéiert sollte ginn.

Hei zitéiert hien e.a. d'Verbesserung vun der öffentlecher Beliichtung, d'Isoléierung vun de Fënsteren, d'Sanéierung vun der Schoul zu Kietscht, déi nei Heizung am Pompjeesbau, d'Installatioun vu Fotovoltaik an d'Sëtzunge vum Klimateam.

Bei den Ziler am neie Klimapakt 2.0 bis 2030 sollen d'CO₂-Emissiounen an der Gemeng ëm 55% erofgoen, wougéint wéinst der Elektromobilitéit de Stromverbrauch ëm 6,5 GWh/Joer an der Gemeng an an de Stéit ëm 5,8 GWh/Joer am Verglach zu 2019 zouhëlt. Deem géintiwier soll d'Produktioun vu Fotovoltaik-Anlagen däitlech zouhuelen, a mat der geplangter Wandenergie soll d'Stroumproduktioun um Terrain vun der Gemeng vun 5,9 (2019) op 42 GWh/Joer klammen. Donieft solle bis 2030 50% vun de privaten a kommunalen Heizanlage mat net-fossille Brennstoffer bedriewe gin. Och soll an de Gemeindegebaier den Heizungsverbrauch vun 145 op 100 kWh/m²/Joer erofgesat ginn.

Des Weidere soll de private Waasserverbrauch reduzéiert ginn, d'Waasserfuitten erofgesat ginn an den Offall pro Persoun vun aktuell 190 op 150 kg/Joer zréckgoen. Weider Ustregunge leien an der Ëmstellung vum Gemenge-Fuerpark op Elektrogefrierer, am Ausbau vu Vëlospisten an enger Reduktioun vun de Privatgefrierer an der Gemeng.

Och soll de Klimateam 5 mol am Joer zesummekommen an all Employé 12 Stonnen am Joer eng Formatioun iwwer Energie a Klima kréien, grad ewéi och d'Energieberodung an d'Aktioune fir d'Awunner zouhuele sollen.

Am Kontext vum Klimapakt bedauert de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV), datt bei der Bewäertung vun de Gemengen den Zoustand an den Zouwuess vun de Bëscher net consideréiert gëtt.

De Klimapakt 2.0 gëtt eestëmmeg ugeholl.

3 Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibleck op eng Bebauung.

Fir dëse Punkt, deen automatesch op d'Dagesuerdung gesat gëtt, läit näischt vir.

4 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum PAP betreffend Terrainen zu WOLWEN an der Rue de l'Église.

Bei der Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum engem PAP téschent der Rue des Romains an der Rue de l'Église zu Wolwen huet den technischer Gemengeningénieur Romain Paquet Explikatiounen zu dësem Projet ginn, wou op enger Fläch vun 93,60 Ar insgesamt 14 Häuser gebaut solle ginn, dovun 4 als Einzelhäuser an 10 als Doppelhäuser. Wéinst der spezieller Lag müssen hei 31,10 Ar oder 33,23% vum PAP un d'Gemeng ofgetruede ginn.

Eng Reklamatioun wéinst de méigleche Suite vun der Ofledning vum Reewaasser ass mei laang diskutéiert ginn, mat de Méiglechkeete vum engem Réckhaltebecken oder der Reewaassernotzung an den Häuser, mee well d'Waasserwirtschaftsamt hei schonn eng Geneemegung ginn huet, kritt déi Reklamatioun keng Suite vum Gemengerot, deen de Projet eestëmmeg unhëlt.

5 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum PAP betreffend Terrainen zu WOLWEN an der Hauptstrooss.

Ënnerhalb vum dem uewe genannte Projet ass e weidere PAP geplangt, op engem Terrain vun 41,74 Ar laanscht d'Hauptstrooss mat dräi Bléck, an zwar en Doppelhaus an zwee gréisser Bléck mat engem Haff dertëscht, woubäi an deem enge Gebai eng Wunneng mat Garagen oder Carport an an dem anere Gebai dräi Duplex-Wunnenge virgesi sinn. Och besteet d'Méiglechkeet e Commerce, (Café, Restaurant, Epicerie) hei am Rez-de-Chaussée anzeriichten.

Sollt hei e Commerce hikommen, da missten och Parkplaze virgesi ginn, am anere Fall bleift den Terrain als Gréngfläch leien.

Mat 15,6% leit déi Fläch, déi un d'Gemeng ofgetruede gëtt, ënnert deene 25% déi vum Gesetz virgeschriwwen sinn, mee well d'Gemeng keng direkt Interessen hei huet, gëtt op eng "indemnité compensatoire" verzicht. Bei der selwechter Reklamatioun wéi beim Projet virdrun iwwer d'Ofleede vum Reewaasser gëtt och keng Suite festgehale.

All Conseillere sinn esou mat dem Projet d'Accord.

6 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum de Konte vum Gemengereceveur vun 2020.

D'Konten vum Gemengereceveur fir 2020 ginn eestëmmeg ugeholl.

7 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum de Konte vum Schäfferot vun 2020.

Déi identesch Konte vum Schäfferot gi géint d'Stëmme vun de Conseilleren Sascha Hengen, Myriam Picard a Patrick Schuller (all LSAP) ugeholl.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) informéiert sech iwwer eng Remark am Rapport vum Inneministère iwwer d'Ausbezuere vun enger Deierecht-Zoulag. Dobäi handelt et sech ëm eng Zoulag déi fir Kanner ausbezuelet ginn ass, ouni datt fir déi selwecht Kanner eng staatlech Bähëllef bezuelet ginn ass wëll déi Kanner eng "bourse d'étude" kréien. An Zukunft gin nëmmen nach Gemenge-Bähëllef bezuelet, wann déi Betreffend och eng staatlech Bähëllef kruten.

8 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun der provisoerescher Schoulorganisatioun fir de Grondschoul-Unterrecht an der Gemeng Rammerich fir d'Schouljoer 2022-2023, abegraff de PEP (plan d'encadrement périscolaire) an de PDS (plan de développement scolaire).

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) stellt déi provisoeresch Schoulorganisatioun fir de Grondschoul-Unterrecht an der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022-2023 vir, déi vun der Schoulkommissioun positiv aviséiert ginn ass. Hie weist drop hin, datt dëst Joer méi Klasseräim gebraucht gin, an datt duerfir verschidde Säll bäikomm sinn, mee datt een awer an déi Richtung misst goen, fir zousätzlech Container opzestellen, well et soss net duergeet.

Et wiere méi Kanner do, an et wieren och méi kleng Effektiver an de Klassen, sou datt een am nächste Conseil misst driwwer diskutéieren, fir heifir déi néideg Suen prettstellen.

D'Schoulorganisatioun gëtt eestëmmeg ugeholl.

9 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun den allgemengen a vun de spezielle Konditiounen betreffend d'Juegdpacht an der "Forêt domaniale" an de Lousen "Chenel" a "Rulles Est" fir d'Juegdjoere vun 2022/2023 bis 2031/2032.

Dës Konditiounen ginn eestëmmeg ugeholl. An deem Kontext weist de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) drop hin, datt hei en Deel kéint an en Naturpark ëmgewandelt gin, wat bestëmmten Oploen noutwendeg mécht, a wou och d'Gemenge sech mussen op manner Recetten astellen.

10 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun zwee notariellen Akten.

Zwee notariell Akten iwwer en Terrain an der Rue des Romains zu Hueschtert mat enger Fläch vun 5 Centiar, dee mat der S.à r.l. MCN getosch gëtt resp. d'Iwwerloosse vun engem Terrain vun 4,22 Ar vun der MCN un d'Gemeng Rammerich, ginn eestëmmeg ugeholl.

11 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun engem Zousaz zu der Konventioun SEA (service d'éducation et d'accueil) fir d'Joer 2021.

Nom neie Kollektivvertrag fir d'Pflegeberuffer huet d'Tabell vun de Konditiounen a Paien geännert, a muss duerfir an der Konventioun vun 2021 entspriechend geännert gin.

Domat sinn all Conseilleren d'Accord.

12 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun der Tripartite-Konventioun SEA fir 2022.

Dës Konventioun, déi d'Bedeegung vum Staat un de Käschte vun de Betreuungsstrukturen (MRE a Crèche) vun der Gemeng fir d'Joer 2022 virgesäit an déi vun Arcus, Kanner, Jugend a Famill a.s.b.l. géréiert ginn, gëtt eestëmmeg ugeholl.

13 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun enger Konventioun iwwer d'deelweis Bereetstellung vun engem Terrain.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) informéiert iwwer eng Demande un de Schäfferot, fir op der Busgare dierfen e Pizza-Automat opzestellen. Den néidege Stroumuschloss ass gemaach, an de Proprietär muss fir all Käschten opkommen.

Hei kouw et zu längeren Diskussiounen, well de Conseiller Sascha Hengen (LSAP) de Forfait vu 25 Euro fir d'Stroumkäschte pro Mount ze niddreg fonnt huet. Weider Objektivitéit vum der LSAP waren d'Feele vu Parkplazen wéi generell den Emplacement vun deem Automat.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) war der Meenung, et sollt een dem Projet eng Chance gin an d'Geneemegung ass géint d'Stëmme vun den LSAP-Conseilleren Sascha Hengen, Myriam Picard a Patrick Schuller ugeholl ginn.

14 Deliberatioun iwwer d'Ufro fir e Spezialkredit am extraordinäre Budget fir d'Ariichte vun enger Barrière beim Busarrêt op der Roumicht

Fir d'Problemer beim Busarrêt op der Roumicht ze léisen, soll hei eng Barrière ageriicht ginn, fir datt nach just d'Bussen do dierfen erafuere. Well dës Depense vu ronn 24.000 € net am Budget virgesinn ass, freet de Schäfferot e Spezialkredit am extraordinäre Budget vun 30.000 € no.

Domat sinn all Gemengeréit averstanen.

15 Deliberatioun iwver d'Ufro vun engem Zousazkredit am ordinäre Budget fir de Remboursement un de Staat vun de Paie vun de Bëschaarbechter.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) weist drop hin, datt d'Ofrechnung vun de Paie vun de Bëschaarbechter onregelméisseg agereecht gëtt, an datt déi elo vum Staat gefrote Remboursementer vun 250.565,75 fir d'Joer 2021 nitt ganz kënnen bezuelt gi wëll am Budget nëmmen e Kredit vun 190.000,00€ agedroen ass. Duerfir proposéiert de Schefferot en Zousazkredit vun 60.500,00€ op deem betreffende Budgetartikel, deen dann bei den Opfankstrukturen ofgehale gëtt.

Och heimat sinn all Conseillere d'Accord.

16 Revisioun vun der Deliberatioun iwver d'Ufro vun engem Spezialkredit am extraordinäre Budget wéinst de gréisseren Reparaturen un der Schoulschwämm.

Well beim Budgetartikel iwver d'Schoulreparaturen d'TVA net ka separat erausgerechent ginn, soll déi gréisser Reparatur un der Schoulschwämm iwver e separate Poste berechent gin, fir deen dann awer e Spezialkredit noutwendeg ass, deen eestëmmeg ugeholl gëtt.

17 Deliberatioun iwver d'Confirmatioun vu verschidde dréngenden an zäitlech begrenzte Verkéiersreglementer.

Zwee zäitlech begrenzte dréngend Verkéiersreglementer, an zwar wéinst Usschloosarbechte an der Rue du Nord zu Rammerich a Stroossenarbechte zu Hueschtert (Rue Principale – Rue de Lannen) sin eestëmmeg nodréiglech approvéiert gin.

18 Ariichte vun enger öffentlecher Toilette bei der Spillplaz um Terrain vun der Grondschoul zu Kietscht

Well dës gréisste Spillplaz vun der Gemeng och ausserhalb vun de Schoulstonnen zougänglech ass, mat enger Clôture ofgeséichert ass an och eng öffentlech Grillplaz huet, sou datt se vill vu Famillje genotzt gëtt, freet

d'LSAP-Fraktioun fir hei eng ëffentlech Toilette anzeriichten, wat och besser fir d'Propretéit vun där Plaz wier.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) gesäit de Notze vun enger Toilett an, et misst een awer iwwerleeën, wou ee wat géing hibauen, an an der Iwwergangszäit sollt een eng mobil Anlag hei opstellen.

Och d'Schäffin Myriam Binck (CSV) weist op dee geplangten zweete Busquai hin, wou dann d'Plaz géif feelen, ausserdeem misst een de Sportsterrain berécksiichtegen, an duerfir net direkt eppes Definitives bauen.

De Conseiller Sascha Hengen (LSAP) hält fest, dass si näischt Definitives fir direkt gefrot hätten, de Conseiller Patrick Schuller (LSAP) schléit eng gemeinsam Léisung fir d'Sportanlagen an d'Spillplaz fir, an d'Conseillère Myriam Picard (LSAP) proposéiert, an Zukunft méi ëffentlech Toilette virzegesinn.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) proposéiert, fir direkt no enger provisorescher Léisung ze sichen, a méi spéit eppes Definitives ze plangen, woumat se all d'Accord sinn.

19 Äntwerten op d'Froen un de Schäfferot

Zu de schrëftleche Froe vun der LSAP-Fraktioun iwwer d'Fassad vun der Buvette vu Foulscht, zu engem Hiweisschëld op d'Toiletten am Centre culturel zu Foulscht, zur Wifi-Connexioun am Festsall zu Bilschdref an zur Liichtbeschmotzung an der Gemeng äntwert de Buergermeeschter Antoine Rodesch, dass d'Aarbechten un der Fassade zu Pärel an zu Foulscht vergi sinn, dass d'Schëld am Centre culturel zu Foulscht kee Problem géif duerstellen, an dass een dat mat der Wifi-Connexioun zu Bilschdref misst kontrolléieren.

Zum Problem vun der Liichtbeschmotzung weist hien drop hin, dass bei de Fussballterrine wuel vill Luucht no uewe géif goen, mee bei den neien Anlagen nëmmen no ënne géif beliicht gin. Och wieren déi nei LED-Luuchten all no ënnen ausgeriicht an op d'Fro vun der Conseillère Myriam Picard (LSAP), wéi et mat der Beliichtung vu Kierchen a Gebaier wier, mengt de Buergermeeschter, och hei misst ee kucken, wat machbar wier.

20 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun Recettenerklärungen

Verschidden Recettenerklärungen ginn eestëmmeg ugehall.

21 NET EFFENTLECH SËTZUNG: Deliberatioun iwwer d'Propositoun vun der Reaffektatioun vu Kandidat(inn)en op d'Poste vu Léierpersonal am Grondschoolunterricht, déi op der éischer Lëscht vum Unterrichtsministär vakant erkläert gi sinn.

An enger net öffentlecher Sëtzung proposéiert de Gemengerot d'Kandidat(inn)en, déi sich op der éischer Lëscht vum Unterrichtsministère gemeld hunn, fir déi fräi Posten am Grondschoulunterricht zu Kietscht ze besetzen.